

2. Akt

Dat selwegt Zömmen we' am e'schten Akt. Nömmen hänkt elo nach e Porträ vum Wilson weider un der Haptmauer a ronderöm amerikanesch Fiendelcher. 'T ass gént d'Nuecht. De' zwo' Kerzen um Klawe'er brennen eleng. Op engem Plateau um Dösch leie Krême-flütten an nach dées Gelecks.

1. Optrött.

(Den Amerikaner an d' Louise stin zesumme beim Klawe'er a sichen an der No'temapp.)

Louise: Was soll ich denn singen?

Amerikaner: A song, a luxemburger!

Louise: Aber you verstehn nit, Mister!

Amerikaner: Oh yes, yes! You singen! – Von was?

Louise: Von zwei, die sich gern gehabt. Lauschtert! Mein Lieblingsstück. (E klengt Virspill, da sengt et.) *)

Dat wor am sche'ne Summermo'nt,
Voll Ro'sendoft lo'g Gart a Feld;
Als Kinigin huet d'Sonn getro'nt
He'ch önnern bloen Herrgottszelt.
Meng Aen hun un dir gehang,
We' d'Sonneglo's um Aeppelgold;
Du hues du mir deng Le'ft gestang
A mir geschenkt, wat ech gier wolt.

O se'leg, fre'lech Villglécksstonn,
Wann d'Le'ft ons sét mat scheiem Monn:
«Ech hun dech e'weg, e'weg gier.»

Dat wor eng onvergiesslech Zeit,
Voll Glanz a Gléck lo'g Hand an Hierz;
Keng Wöllkche wor du no a weit,
De' d'Gléck konnt dre'wen durch e Schmierz.

*) Den Här F. Mertens huet No'ten zo' dem Lidd geschriwen. Se sin ze kre'en an dem Verlag P. Worré-Mertens.

An ömmer hues du mir gesot
Dat hélecht Wurt, dat Wonner dét;
Fir dat én alles giere wot,
Dat ons verse'sst all Suerg a Léd,
O se'leg, fre'lech Villglécksstonn,
Wann d'Le'ft ons sét mat scheiem Monn:
«Ech hun dech e'weg, e'weg gier.»

(Beim Refrain sommt de Mister Jak zwét Stemm mat.)

Amerikaner: (so'bal we' d'Louise ophält.) Nice, very nice!
(d'Louise falt d'No'teblatt zesammen.)

Amerikaner: Noch Strophe da – von der schönen song.
Please, Kitty! *)

Louise: No, Mister Jak! Schluss zu traurig, nicht singen!

Amerikaner: Why?

Louise: (lét d'Hänn an de Scho'ss a le'sst de Kapp hänkèn.
Wéch.) Se krute sech net!

Amerikaner: Wat, wat is the matte?

Louise: Sie kriegten sich nicht.

Amerikaner: Oh, nur in song nicht. In live...

Louise: Do tröfft et och nömnen ze dax zo'.

Amerikaner: (dre't de Klawe'erstillchen eröm, so' dass
d'Louise him muss an d'Gesicht kucken.) No, no, nit
traurig, Louise!

Louise: (dréckt de Kapp eng Grötz widder en a kuckt e ver-
drémt un.) Nicht wahr. Mister Jak, you nichts von der
song verstanden? Sagen you es richteraus!

Amerikaner: Oh, yes! – Liebe gefühlt.

Louise: 'T ass droleg. D'Le'ft huet iwerall de' selwegt
Sproch, a jidderé verstét se.

Amerikaner: (ze't et eriwer.) My sweet Louise, y love you
verry much!

Louise: Nicht, nicht, wenn einer käme!

*) Wann d'Amerikaner bis könneg wore mat engem
Médchen, da wor et fir si nure me' e «Ketty», éndun we' et
soss gehéscht huet.

Bd. No 30

D'Schamber garni

E Loschtspill
an 3 Akten

vum
DÉNGENS Mätt

*

3. Oplo



Drock a Verlag vum P. WORRE-MERTENS
Letzeburg – 1966

All Rechter virbehalen.

Nodrock an Iwersetzung verbueden.

D'Stéck dèrf nömme mat schrefftlecher Erlabnes vum Verlag gespillt gin. D'Rollenofschreiwen ass strengstens verbueden. All Ufroen sin ze richten un de Verlag P. Worré-Mertens, Letzeburg.



PERSO'NEN :

Trapen Hari, Rentier.

Trape Wirsch, seng Fra.

D'Louise, hirt énzegt Kand.

De Mister Jak Bradford, Kapitän bei den Amérianer.

D'Joffer Schneifchen, eng gut Frenndin vun der Madam Trap.

De Fixspo'n, Privatemployé.

Eng Poliss.

D'Steck spillt sech an enger klenger Stiedchen am Letzeburgesch en of, zur Zeit wo' d'Land vun den Amerikaner besat wor.

Den Hari, ass nach dèr é vum ale Schlag. All Dag seng
Schäppercher krachen an d'Peif net aus dem Monn, so'
ass hien es zefridden.

D'Wirsch, wöllt ömmer me' he'ch op a mat dénen Décksten
aus der Stâdt goen.

D'Louise, huet d'Naupe vun der Mamm; et ass nömmen
drop aus fir me'glechst bal eng gutt Parti ze machen.

De Fixspo'n, en zoe, verängschtegte Jong.

Den Amérikander, en elegante Borscht, dé sech ze dre'en an
ze ké'ere wéss.

D'Joffer Schneifchen, eng richtig Leitsbeschössesch.



Den Amerikaner an den Hari sichen sech durch Gesten ze
verstännegen.

Am Stéck go'f nemmen dat allerne'degst ugedeit, so' dass
den énzelen Akteur zimlech frei Hand huet.

1. Akt

Den Théâtre stellt eng gutt biergerlech Stuff duer, de' mat Miwelen an Nippsachen iwerlueden ass. 'T geseit é gleich, dass de' énzél Stécker no an no kaft go'wen, well se gin net besonnesch zesummen. Op dèr enger Seit eng Fenster, op der aner eng Dir de' drapé'ert ass. An der Mött och eng Dir de' an de Gank fe'ert. Wann de Rido opgét, leit den Hari do um Kanapé sein Tömpchen ze halen. E ronkt ewe' e Kueder. De Brell sötzt em op der Spötz vun der Nues, d'Zeitong ass zerknautert an op de Scho'ss gerötscht, mat dèr enger Hand huet e se fest ugepakt. Niewent em um Kanapé dämpft eng lang Peif gemitlech fir sech.

1. Optrett.

(D'Wirsch kent mat dem Bitzkuerf an enger Mansbox um Arm eran.)

Wirsch: (schmunzt, wann et geseit, we' den Hari sech de gudden undét.) Wann én nach eso' e Schlof hätt! – Jo, d'Mansleit huele sech d'Liewe vill ze licht. En aner wéss net wo' de Kapp engem stét vun e lauter Suergen, an hie régt sech net besonnesch op. Wat si mir arme Fraen dach geplot op deser Welt! (Huet sech iwerdém bei den Dösch gesat an ugefang ze bitzen.) – A wat richt eso' heibannen? 'T mengt én, 't ge'f eppes sengen! (Schnöffelt.) Mei Gott! Beim Kanapé kent Damp eraus! Feier! Feier!! (léft dohin.) – O, (erbeisst sech) dat do get mer awer ze bont! D'Peif um Kanapé! An se dämpft we' e Schminé! E stecht mer nach eng Ke'er d'ganzt Haus un. (röselt en.) Hari! Hari!

Hari: (facht em sech, grad we' wann en no enger Méck schloe ge'f; hallef am Schlof.) A, du Lo'derve', da kre'en ech dech dach!

Wirsch: (ausser sech.) Hari! – Mei Gott, e schle't mech! So' eppes hun ech nach net erliewt! O, dat ass mein Do'd! (kreischt.)

Hari: (op émol wackereg.) Nondiflutsch! – Du bass et, Wirscheni! An ech hu gemengt. 't wir de' lo'dere Méck, de' mech well de' ganzen Zeit rose gemacht huet. – Kreisch net, 't ass net so' schro. (E gét bei et, fir et ze hémelen.)

Wirsch: Ge' mer ewech! Ge'! Du bass mer e Sche'nen; hun ech dat verdengt? (Et gét an de Fong, fir sech him z'entze'en, hien em no.)

Hari: Wirschi, wo' kanns d'eso' schlecht vu mer denken! Du bass jo mei le'ft Wirscheni. Komm, hal stall! (En hieft em de Kapp a get em eng Bés, dass et klackt.) Do, lo wärs de dach zefridde sin!

Wirsch: (mat Tre'nen an den Ae fällt him em den Hals.) Mei le'wen Hari! (Den Hari le'sst alles gedölleg iwert sech ergoen.)

Hari: Well ass d'Sach nés an der Rei. 'T wor nömnen so' eng Schauer.

Wirsch: Awer dat hei versprieche mer, Hari, ni Möttes me' mat der Peif anzetompen. Soss könn's de mer nach lie-weg verbrennen, an da we'sst ech ké gudde Rot.

Hari: (ze't en etlech Sträpp.) Hmm... hmm... Kuck, Wirscheni, dé ganze Kome'di ass énzeh an eleng de' verflamte Schamber garni an der Schold. Zenter ech net me' we' gewe'nlech a menger Fotell raschte kann, schlofen ech so' onro'eg.

Wirsch: Ja, ja, d'Schamber garni, de' leit dir um Mo! Dat muss ech den Dag zwanzegmol he'eren: So'bal we's de d'Lichelen op hues, fänks de domat un.

Hari: (scharf.) Hun ech vleicht net recht? Wat solle mir nach eng Schamber garni verlo'nen! Mir können ons knapps an dese puer Zömmercher re'eren. Haut tröllen ech iwert dem Louise seng Molköscht an all dat Ge-kludders dröm an drun, muer ass et deng Ne'maschin, de' én des Deiwels mecht...

Wirsch: Du he'ers dech nés schwätzen! Mir hun lo eng Schamber garni agericht, se get verlo'nt, an domat ab!

Hari: (fir sech.) 'T ass e richtegt Kreiz, wann d'Fraleit eppes an der Stip hun.

Wirsch: Wann et dir hei net me' gutt genuch ass, ða kuck, dass mer me' e gro'sse Kartjé kre'en!

Hari: Fir gleich eng hallef Dose Schamber garnien beienén anzerichten... Hues du den Héenz net kannt?

Wirsch: Net, lo ass en net me' mat! – Well e fèrt, e könnt seng Schäppercher net me' krache goen.

Hari: Hmm... Loss dat sin. Kuck, Wirsch, dat mat der Schamber garni wir jo an a fir sech net eso' schro. Awer dass all de' aner Zömmer gepleimt gin, an dat Bescht doran getesselt get, dat dét mech aus der Haut fueren. Nondiflutsch! Mir richten dach keng Schueberfo'er hei op.

Wirsch: (repst.) Ue... 't kritt én d'Midderchen mat dir.

Hari: (stellt sech brét viru se.) Zum Beispill: meng Fotell wat mecht de' dobannen? D'Decke vu mengem Bett, fir wat go'f de' verschléft? – Wa muer den Owend net nés alles op senger aler Platz ass, da gare la mine! So ech hätt der et gesot!

Wirsch: Mei Gott, Hari, du wéss et dach selwer zevill gutt. 'T ass alles nure wégent dem Louise senger. Wann d'Kand glécklech bestuet wär, da breichte mer dat alles net.

Hari: Tä- tä- tä! Wa mir müssen eso'vill Grimasse machen, fir dass én an d'Fâl gét, dann ass et gefélt.

Wirsch: Hautdesdags gét et net me' duer, dass e Médche le'f atn heisslech ass, 't muss och dés derbei sin (mecht we' wann se Geld ziele ge'f), soss fléten d'Jongen et voll.

Hari: (granzeg.) Geld, Geld a nömme Geld! Da kuck dass d'es kris!

Wirsch: (ass opgesprongen.) Wat? Amplaz all Owe am Staminé ze leien an dech ze sénen, déngs de besser de' Suen ze spueren. Da könnte mer onsem Louise eppes matgin.

Hari: De' al Litanei! 'T stét engem bal zum Hals eraus. – (me' hémlech.) Wéss de nach, Wirscheni, we' mir zwé ons bestuet hun, du hâte mer de Monnes och hurteg gezielt. Mer sin awer dofir net schlecht gefuer.

Wirsch: (ze't den Otem schwe'er.) Démols, dat woren och nach aner Zeiten! Haut get nömnen me' op de Su gekuckt!

Hari: Ja, ja... A we' ech zu Joer mam Fixspo'n ko'm fir onst Louise, du huet et gehéscht: «Wo' denks de hin! So' en hongrege Schreiwier fir mei Kand!» ...An 't wor dach en zergutzterte Jong, dén e Médche glécklech gemach hätt...

Wirsch: Nén, ni an nömmer! Dé gâckege Kierel ka sech onst Louise aus dem Kapp schloen. Eso' én huet et nach Zeits genug ze kre'en!

Hari: Hätte mer démols Handstréck gehalten, da wir d'Kand haut gutt versuergt, a mir breichten all dé Kome'di net uhzefänken.

Wirsch: Besser ass besser! Vleicht kre'e mer elo so' en halwe Millionär fir Edem.

Hari: O jo, nawell e ganzen! Se bâcken nach en Extrae fir dech a léen der en op d'Trap mat enger Kuelebotsch voll Dollaren derbei. Hahaha, 't ass fir sech ze brullen!

Wirsch: (iergerlech.) Lach net so' domm! Fir wat soll dann onst Louise och net mol eng Ke'er Chance hun? Wat mer z. B. so' e reiche, feinen amerikaneschen Offize'er hier an ons Schamber garni kriteren, da we'sst nach ké, we' d'Klacke laude ge'wen.

Hari: Schneit dech net! De' Zort höllt sech och le'wer e Reicht ass we' en Armt.

Wirsch: Dat ass net gesot. Loss geworden. Ech hun elo re'scht kurz eng Geschicht an der Zeitong gelies...

Hari: Pe... Dat si jo alles gedréckt Ligen. – Mè du hues mech lo grad drop bruecht. Lo stét schon drei Dég de' deier Annonce an der Zeitong an 't huet nach ké Mensch sech hei gewisen. De' Kèschte kommen nach derbei!

Wirsch: Mei Gott, Hari, 't ass fir onsem Louise sei Gléck!

Hari: Och wat! De Fixspo'n wor sei Gleck, a soss kén. 'T muss é sech der Decken no strecken an ni wölle mat déne gro'ssen Honn – spadse'ere goen. Dat dacht neischt.

Wirsch: (réft hir Sachen am Ierger zesummen.) Dofir hues du et och weit bruecht.

Hari: Ech sin es zefridden. Ech begieren net me'.

2. Optrett.

Louise: (kent eragestirmt a sengt fir sech.) «It's a long way»
Wat e Gleck! Pappa, Mama, denkt iech nuren! Ech kommen lo grad aus der Redaktio'n. Haut de Muergen huet en Amerikaner no der Schamber garni gefrot.

Wirsch: E mat engem lieder Rimm?

Hari: Huet en och so' eng gossen Hondsschossel um Kapp?

Louise: Dat wo'ssten se net. – Ech war ausser mer a sin énzock eremgelaf. E werd nach haut de Mötteg kucke kommen.

Hari: (dämpt.) Hm... hm...

Wirsch: Komm, Louise, gef der Mama eng Bés. (kösst et.)
Ech frée mech mat dir.

Hari: Alt lues, alt lues... emol ofwarden.

Louise: (sprengt em en.) O Pappa! Wat get dat elo Fréd!
Derno gin ech énzock e puer amerikanesch Fiendel an e Porträ vum Wilson kafen... (Et dét den Hutt an de Mantel aus.)

Hari: Hm... och nach dat! Hu mer nach net genuch dèr Indianerkäpp dorueter hänken!

Wirsch: Hurteg, alles eng Grötz opgeraumt, dass et zergutztert ausgeseit heibannen. (Hari speizt an den Eck.) – Mon dieu, Hari, deng Speizköscht kent an de Keller stoen.

Hari: O, o, alt lues! Se dreckt dach kén hei!

Wirsch: (scharf.) 'T ass ausge-ot! – An all Owes bass de mer mat Zeit hei. – De' stenkeg Peif do fle't an d'Schmotzköscht...

Hari: Wat? Da kanns de mech énzock mat duer geheien. –
Lo hun ech mer mat vill Krämp bal en Hänsjen uge-
racht, an lo soll dén... da wöllt ech nach le'wer dir
mat èrem Amerikaner an all dém Krom géngt bei der
Deiwel. (Et stellt sech viru seng Speizköscht.)

Wirsch: An da gés de dech vif zergutztert undoen, ech ka
mech net a mengem Négligé weisen.

Hari: Och nach dat! Wann ech em so' net gutt genuch sin,
da kann e mir de Bockel eralafen. Hues de verstanen?

Wirsch: (wöllt en op d'Seit drécken.) Ewech, dass ech de'
Speizköscht énzock ausdroe kann!

Hari: Nondiflättsch! An ech soen der, se bleift heibannen.
Dreif mech net an d'Feier, soss speizen ech un de Pla-
fong.

Wirsch: Du ruckelzeche Mensch!

Louise: (huet an dèr Zeit alles an d'Rei gemach an e klengt
geblummelecht Schirtech viru sech gestréckt.) Mama,
sin ech so' gutt fir opmachen ze goen?

Wirsch: Né, Louise, dat schéckt sech net fir d'Médche vum
Haus. Gef mer denger weisser Schirtecher ént, ech ma-
che grad, we' wann ech d'Botzfra wär. (Louise get er
ént.)

Louise: Du bleifs net heibannen?

Wirsch: Nén, ech wise mech net. – Nun hopp, Hari, dong
énzock deng bescht Redingote un, e kann all Abléck
kommen!

Hari: De' hei ass gutt genuch fir elo an nach drei Dég dex-
no.

Wirsch: Ech soen der nach eng Ke'er, du dés deng bescht
un, an e bössche vif! Loss der et keng dreimol soen!

Hari: (get no.) Hm... hm... ech wöllt, der Schennécker hätt
dé ganze Butek!

Wirsch: Wat mungs de nach?

Hari: Neischt! Ech hu gesot, dat wir dem Schennécker seng
Arbecht!

Wirsch: Ech hätt der et ower och net geroden! (Hölt eng Zigar aus dem Schäffchen.) Hei, lo dämps de des Zigar, wann den Amerikaner kent, amplaz de' knaschteg Peif. Mé mach lues dermat! D'Halschecht dervu muss nach fir e Sonndeg bleiwen.

Hari: Nondiflutsch! (bekuckt d'Zigar a lacht fir sech.) Dat ass nach dat bescht bei der ganzer Wix. An nach eng mat engem Nuebelbändchen! De' get lo énzock geschmacht, well 't duerf én hautdesdags net vill op de Botz gin – (e beisst d'Spötzt of.) – Wirscheni, kre'en ech dèr all Dag eng, so'lang we' den Amerikaner hei ass?

Wirsch: (schmunzt.) Wanns de sche' follegs an net kuésch bass, da soen ech net nèn.

Louise: Mama, wat mungs de? Ech léen des brode'ert Dekken aus der Pensio'n op, dat mecht me' effet.

Wirsch: Gewöss, Louise, well 't wéss én ni, wat engem Manskèrel ka gefalen. (Den Hari huet an dèr Zeit d'Zigar ugefang.) – Hari! Ech hat der ausdrecklech gesot, du derfs s'ere'scht derno ufänken.

Hari: Hm... well ass et ower ze spe't. Ech kre'en s'elo net me' aus. (of.)

3. Optrött.

Wirsch: 'T ass dach e Misär mat déne Männer!

Louise: (huet am Zömmer opgeraumt, an op de Klawe'er «Am Lagerfeuer» geluegt.) Ech menge, Mama, so' wär alles superfein, so' misst et em gefalen.

Wirsch: Jo, jo, ... a pâck e siecht un... mach em de' frendlechst Minn... klamm le'wer nach e puer Frang am loyer erof... mé mach nuren, dass en hei bleift. Du wéss jo, wat um Spill stét. (d'Schell gét.) 'T huet geschellt! Dat ass en! (d'Louise gét op de Klawe'er a spillt lues; de' Al léft opmachen. Gleich drop kent se mat engem schicke Borscht an amerikanischer Uniform eran.)

4. Optrött.

Wirsch: Joffer Louise! (zum Amerikaner.) Dann holen Sie sich ein bischen Platz!

Louise: (dre't sech öm.)

Amerikaner: (gré'sst militäresch.) Good evening! Captain Jack Bradford.

Louise: (mecht en de'we Knicks.) Miss Louise!

Amerikaner: You can speak english?

Louise: Ein wenig, sir!

Amerikaner: (lacht.) I weiss bischen German. I möcht Zimmer. You Zimmer frei?

Louise: Yes! Dann kommen You mal hier schauen! (mecht d'Dir op der Seit op. Den Amerikaner gét a kucken.) Soll et em goen?

Amerikaner: (kent nés eran.) Allright, allright! Gefällt very fein.

Louise: O dann! Mehr braucht es nicht.

Amerikaner: Yes! Werde bringen mein Sachen.

Louise: Und haben You willes lange zu bleiben?

Amerikaner: I not wissen.

Louise: Nun ja, ich meine ja nur so. You werden mal sehen, You hier, dann so schnell nicht mehr fortgehen.

Amerikaner: (lacht.) Hahaha! You – Tochter of the house?

Louise: Yes, sir!

Amerikaner: You – sehr schönes Mädchen! (Louise get schimmeg a spillt mam Köpp vum Schirtech.)

Louise: Es tut mir leid, dass Mama nicht hier is. Aber setzen you sich einen Augenblick. I will Vater rufen.

Amerikaner: That's allright! (fir sech.) A very nice girl!

Louise: (rifft an.) Pappa, Pappa! En ass hei!

Hari: (bröllt vu bannen.) Juhe! Ech komme gleich. So zo'em, ech hätt ere'scht dat ént Boxebén un!

Louise: Gefällt es you denn gut hier?

Amerikaner: Oh yes, Stadt hier schön. Mädchen beaucoup schöner.

Louise: Die Luxemburger haben aber auch alle die Amerikaner so gern.

Amerikaner: Oh yee! Denken lieben Mädchen auch so?

5. Optrött.

Hari: (kent mat der Zigar am Monn eran, flott erausgemach.) Do, hei sin ech! – Ass dat der de Borscht? Hm..
dén ass fein eraus!

Louise: My Vater!

Hari: (gét op en duer a röselt em kräfteg d'Hand.) A, gudde
Mon. Gefällt d'Schamber iech?

Amerikaner: Yes, yes, very nice!

Hari: Wat, Mais? – No, nix so hier!

Amerikaner: No, schön Zimmer!

Hari: Ech mengen ower och! – Elo, lauschtert mal. Versteien
Sie kein luxemburgisch?

Amerikaner: No, no!

Hari: Abé, ich auch nicht die Bohne englisch. Da kommen
wir ja gut miteinander zu Wé. – Da setz dech mol!

Amerikaner: Oh yes, oh yes!

Hari: (klappt sech op d'Kne'en.) De' Amerikaner, dat si mer
dach droleg Petteren! Lauschter, lo knae mir mal eine
Fläsch zusammen.

Amerikaner: Thanks, thanks!

Hari: (zum Louise.) Wat huet e fir eppes Kromenalesches
geschwat? Tank?! – So, mir hun elei keng Plaz fir mat
eso' engem Jabel ze spillen.

Louise: Mé Papp! E sot, hien hätt neischt derge'nt.

Hari: (zum Amerikaner.) Aha! 'T wor der ower och dei
Gléck, Jong! (zum Louise.) Da ge' eng Fläsch mat e puer
Glieser sichen, Louise! (Louise of.)

6. Optrött.

Hari: (réckelt me' no bei en.) A was sagt Ihr denn von dem
Médchen? Habt Ihr deren auch so in Amerika?

Amerikaner: No, no, not not so schön.

Hari: A, kuck elei! En ass dem Efalt net aus der Hatt ge-
fall. – Abé, Jong, du gefälls mer och Nummer ént! (E
klappt em op d'Kne'en.)

Amerikaner: I, hierbleiwen...

Hari: Jéjé, dat kenne mer. D'Médchen huet dir an d'Ae ge-
stach. So et dach richteraus!

Amerikaner: You – haben room für mich.

Hari: A, du höls och alt heiansdo gèr so' eng Dröppchen.
Mè de Rum ass lo deier, mei Le'wen. 'T hèscht net glott
sin, a sech mat gewinlechém Méckegöft zefridde gin.

Amerikaner: (lacht.) Yes, yes!

Hari: Do soll én awer soen. E flucht der grad we' e ro'de
Judd! (huet iwerdém, uni dass en drun denkt, d'Peif
aus der Täscher geholl.)

Amerikaner: You rauch pipe?

Hari: Fro nach! Nömmen, du wéss jo gutt we' dat ass; ech
muss uecht gin, dass meng Al mech net dermat er-
wöscht, soss ass d'Feier önnern Dach.

Amerikaner: You . . . wollen . . . tobacco? (En hält em e Säckelchen doerhinner.)

Hari: 'T jäss, 't jäss! Me' bölle kann ech net drukommen.
– Ech gesi schon, Edem, wir zwei kimmen gut überein-
ander. (E stoppt sech eng Peif.) Und was macht denn
der Wilson? Ist der noch immer monter und bei Ge-
sundheit?

Amerikaner: (wénkt.) Oh yes!

Hari: Dat frét mech! – Dämpt der auch dichteg, dass Ihr
soviel Tubak kriegt?

Amerikaner: No, no!

Hari: Wieviel dieser Säckelcher kriegt Ihr denn auf die
Woche?

Amerikaner: (weist mat de Fanger.) Five!

Hari: Nondiflätsch! Dat wir ménges! – Weiss du, ich kim-
me auch bei euch. Wann ich mir mal in der Woch zwei
hungrige Unzen kafe, dann hab ich schon dem Herrn
an den Frack gegriffen.

Amerikaner: (lacht.) Hahaha!

Hari: E lacht mer! Menger wärrech! E verstét um Enn nach
alles, oder ech kann englesch! – Abé, mei Jong, ich
gäbe eppes drim, wann ich all Dag so ein Säckelchen
hätte.

Amerikaner: Indeed, you american Tobacco lieben!?

Hari: So' ass et, ech hun den Tubak, an du hues d'Méder-
cher gèr!

7. Optrett.

Louise: (kent mat dem Service eran. Den Amerikaner kuckt énzock doerhinner.) Heit, Papp!

Hari: Kuck, kuck! Well lauschtert e mir net me' no. (E stréckt den Tubakssäckelchen zo' a stecht en an d'Täsch.) Dé krit en net me' eröm. En huet es awer nach genuch. (Hölt d'Fläsch.) Bernkasteller 1908! – Nondifläsch! 'T wor déer Aler gutt gemengt!

Amerikaner: Fräulein – you Vater, famoser Kauz! Very fine!

Hari: Ech mengen eso'! Meng Al ass so' fro' mat mer! – Schenk du eraus, Louise, da schmacht et dem Jong besser. (fir sech.) E verle'ert et ké Moment aus dem A. (zum Amerikaner.) Nu komm, dann técken wir mal mit-enén. (zum Louise.) We' sollen se dat wuel de'seit dem Pull mache, Louise?

Louise: Ech hu keng Anong, Papp.

Hari: Och wat, mer mache kurze Prozess. (ste'sst den Amerikaner.) Aux armes! (Se hiewen d'Glieser an d'Lucht. Den Hari schockt mam Amerikaner.) Hipp hipp hurra! Hipp hipp hurra! (den Hari setzt énzock un.)

Amerikaner: Good Luck! (den Hari huet sei Glas schon hallef eidel.)

Hari: Hintenrum das Dorf ist wischt! Mech kris du net eso' schnell gelackt. Dén heie verdre't eppes.

Amerikaner: (zum Louise.) To your health, my sweet baby! (se kucke sech de'f an d'Aen.)

Hari: (dén dât enuecht geholl, zum Amerikaner.) Héhé! Sie sind ein bischen zu feirig. So schnell schiessen die Preisen nicht.

Louise: Papp!

Hari: Mei Gott, wat e Geméch! Ech hätt well d'hallef Fläsch eleng gelicht.

~~Amerikaner: (weist op de Klawe'er.) You can spielen auf Piano?~~

~~Hari: Dat wölle mer gléwen. Sie ist nicht fir neischt sex Jahr in den Hélien Geischt gegangen.~~

Louise: Schwätz dach Ho'deitsch mat em, Papp, e verstét
iech jo net.

Hari: Ro'eg, Kand, ech mae mei Bescht. – Abé, und auf
einen Spingelskapp nah hätte sie einen Preis erwutscht.
Das heisst etwas, net emol?

Louise: (sicht an der No'temapp.) Wat soll ech spielen?

Hari: Mach nömnen derbei. Ob e puer falsch Te'n kent et
dém net un. En ass me' verle'ft we' dem Schupp sein
Iesel.

Amerikaner: (Ass bei d'Louise gang.) «Washington Post» –
I – gern hören!

(Louise fänkt un ze spielen; den Amerikaner bleibt nie-
went em stoen. Den Hari hölt hémlech e puer gudder
Schötz a stoppt sech eng nei Peif.)

Hari: Dén Tubak lei gét mer. 'T ass so' grad mei Gu! (E
peift dem Amerikaner.) Komm, Jong, du drénks mer
neischt. (En hält d'Fläsch ge'nt d'Lucht.) Die Fläsch
hier müssen wir eitel kriegen!

Amerikaner: Thanks, I have enough.

Hari: Hues du schon en Af? Abé merci! Da bleif do. Ech
brauch net geflé'wt ze kre'en. De' Al spende'ert net
all Dag eso' eng Fläsch. (Den Amerikaner schwätzt dem
Louise zo'.) Kuck, kuck, wat e sech Me' get. Du brauchst
dech net midd ze mache, mei Jong. De' Al get der et
énzock. (hölt nés e Schotz.) – Ech gin dach emol bis
lauschteren. 'T ass engem eppes neis, so' eng amerika-
nesch Freierei. (E gét bei se.)

Amerikaner: (zum Hari.) You spielen gut!

Hari: Hmn... fóns de! – Ja kuck, dat Klimperen an de
Botz, dat kennen d'Fraleit all aus dem FF.

Amerikaner: (lacht.) Yes, yes!

Hari: Do, do! Well fänkt en nés un! Mé so emol, wat hues
de so' vill ze jassen?

Amerikaner: Pst! (mecht em en Zéchen, dass e soll ro'eg
sin.)

Hari: (gét nés op d'Fläsch zo'.) Mein Alen, wanns d'emol de
ganze le'wen Dag Musek gemacht kre's we' ech, da wärs
d'es och geschwö sat. (Louise ass firdeg.)

Amerikaner: Bravo, bravo!!

Hari: Hal op, mach es nicht zu schimmeg! – Nu kommt, Kanner, op dat könne mer e gudde Schotz huelen. Nicht wahr, Edem!

Amerikaner: Oo yes! – (se schocken.) Hipp hipp hurra!
Auf luxemburger schöne Mädchen!

Hari: (séngt.) Dreimal hoch, hoch, hoch!

Louise: Mé Papp, wat denkt en!

Hari: D'jess, dat do ass nach e Schwe'erpapp!

Amerikaner: (hieft sech.)

Hari: Wollt ihr schon geien? Jetzt waren wir erischt im Gång. Bleiwen Sie noch eine Gritz. (hölt e beim Arm.)
Jé komm, lass dir nicht flöwen!

Amerikaner: No, no! Zeit – zu gehen!

Hari: Ich halte auch!

Amerikaner: Good bye! Heute Abend – wieder! Sachen bringen.

Hari: Wat tuddelt en dann nés elo? – Gef uecht, Männchen, dass d'em de Gèck net ze vill an de Kapp sètz!

Louise: Papp, ech gi mat em of bis bei d'Dir. En ass nach net könneg genuch am Haus.

Hari: O, dann geien Sie alt, ich packe den Rescht auch alleng.

Amerikaner: (zum Hari.) Good bye!

Hari: (röselt em d'Hand.) Eddi. Und komm geschwint erum.
A vergiess mer net Tubak matzebrenge Tubacco, tubacco!

Amerikaner: No, no. (Amerikaner a Louise of.)

8. Optrött.

Hari: Lo nach hurteg d'Geléenhét profite'ert ir de' Al kent!
(En drénkt d'Glas giereg aus a schött sech nés en neit eraus.)

Wirsch: (kent eran.) We' ass et nu gangen, Hari? Huet d'Schamber garni em gefall?

Hari: Juhe! Mé onst Louise em nach besser!

Wirsch: Wat eng Schance! Et ass so' e schicke Borscht! Ech konnt net me' vum Schlössellach eweckkommen.

Hari: Dann hues d'awer misse firwötzen!

Wirsch: An du hues d'Peif am Monn! Hues de net verhale wat ech der gesot hat?

Hari: 'T jäss! Den Edem huet mer se gestoppt. Du konnt ech jo net gutt ofschloen!

Wirsch: Dajé, fir des Ke'er sief der nach verzien. Awer huel dech en uecht, mein Alen, du kriss d'Sélche kurz gemacht! (hält d'Fläsch ge'nt d'Lucht.) Ass dat erlabt! Iwer dreive'ers vun der Fläsch ass eidel. Dir huet gutt derbei gemacht.

Hari: (knechelt bei der Fenster.) Wann én duschtreg ass!

Wirsch: Wat mechs de do, Hari?

Hari: (hölt d'Schöld baussent der Fenster eran.) Do, mir hu jo onst errécht. Dat do brauch net me' dobaussen ze hänken.

Wirsch: Weis hier, 't ass gutt fir d'Feier unzufänken.

Hari: Net eso' schötzeg, Madam! 'T wéss én ni, wo' én nach eppes ka gebrauchen. (E lét et an d'Hättchen.) – Komm, Wirscheni, mir huelen e gudde Schotz op d'Schamber garni.

Wirsch: Ech halen och! Bass de gedéft! Vif de Stopp op, d'Fläsch! De Rescht get an de Keller gedroen. – Kuck, en huet seint nach hallef stoe gelosst.

Hari: 'T jäss! – Ech hun well èppes bei gele'ert an déer kurzer Zeit. Mir schwätzen lo nömme me' englesch önnert ons. (D'Wirsch rösselt de Kapp.) 'T jäss, 't jäss...

9. Optrött.

Louise: (fro'.) O Mama, wat sin ech glectlech! En huet mer d'Hand so' fest gedreckt we' e fortgo'ng! (Et gét op de Klawe'er a rabbelt «The stars and stripes».)

Hari: (huet iwerdém's d'Fläsch önnert Hänn; schenkt eraus.) Da komm, Wirschi, losse mer e Glas zesummen drenken op dé Fesdag! Hipp hipp hurra! Vif de Wilson a seng Arme'!!

Wirsch: (wöscht sech d'Tre'nen of.)

RIDO

Amerikaner: We allein hier, ganz allein! (Hölt eng Titchen aus der Täschen a stecht em e Bonbon an de Mond a sech och en. Louise get lo iwrem Sproche lanzem no, bis et fir d'lescht ganz a sengen Aerm leit.)

Louise: (schausseg.) Mister Jak, sind die Amerikaner all so gladderig?

Amerikaner: (lacht a weist seng gölden Zänn.)

Louise: You wissen, was Luxemburger sagen von Amerikanern: You grosse Kinder seit!

Amerikaner: (lacht.) Hahaha! Great children! – And the Luxembourgiens – little Gerngross!

Louise: You finden, Mister!

Amerikaner: No Mister, Jak sagen. You will?

Louise: (zo a schei.) Jak!

Amerikaner: That's night! (En dréckt et me' fest widder sech.)

Louise: Jak, heute Abend ist grosse dance beim Brosius. You gehst mit!

Amerikaner: Oh yes...! kann Jak da lieben?

Louise: Da wird dance... und später, wenn schon alles in der Jum ist, da gibt es soviele lussigen Eckelcher...

Amerikaner: To love, nit wahr!

Louise: (wénkt jo.)

Amerikaner: Louise, you wirklich Mädchen aus dem Rosen-land!

Louise: Jéjé, Jak, mach dén Geck nicht mit mir.

Amerikaner: What do you mean, my lovely sweet hearth!

Louise: You hör – Mister!

Amerikaner: No so!

Louise: Dajé alt! Jak... mit der Maisy, die ich dir mal gezeigt, you nicht tanzen. Die macht mich immer heimlich herunter.

Amerikaner: No, no, – ruhig. Y dance nur mit you. Mit you only allein!

Louise: O, da sin ech fro'! – An ech hun ower och nuren dech gèren, dech ganz eleng a soss kén! (Hat lét d'Aerm em sein Hals, se gin sech eng Bés.)

Amerikaner: (lét den Arm em seng Taill an ze't et ganz eriwer.) Hear, my dear Ketty. Als I in Amerika war, I meinen american Mädchen lieben. I dich gesehen, nur Louise gern.

Louise: Ist das auch ganz sicher? – Kuck mir einmal tief in die Augen! (verle'ft.) Se sin so' de'f we' d'Mier... sei Bléck kent iwer mech we' stirmesch Walen... ech spiren et... dén, a soss kén.

Amerikaner: Why so froh, my lovely girl?

Louise: Jak, ech hun dech gier, y love you!

Amerikaner: Ah, Ketty, I am full in joy! (Hie get em eng lang Bés.)

2. Optrött.

Wirsch: (kent op den Ze'wen erbeigefusst mat Wein a Gliesser.) We' le'f! we' le'f! Hätt ech nuren den Hari hei! E Bild fir ze molen.

Amerikaner: (Ganz verle'ft.) Louise! Louise!

Louise: You, Jak!

Wirsch: He'ren ech gutt! Kanner! si duzen sech schon. Dat gét schnell! (Ho'scht, de' zwé fueren op, si mecht grad we' wann se neischt gesin hätt.) Entschöllegt, Kanner, dass ech dérange'ern. Ich wollte die Lucht anfangen.

Louise: Mir gesin nach genuch, gelt Jak!

Amerikaner: Oh yes! Light enough, Madam.

Wirsch: Dat gléwen ech, mé ech gese'ch och gier eppes.

Amerikaner: Madam, nehmen sweets hier! (Hält er d'Titchen doerhinner.)

Wirsch: (geschméchelt.) Merci, mei Jong. Dén Zant ass mer well lang ausgangen. – Ich wollt euch noch etwas Gedrinks bringen, dann ritscht das da besser. (Weist op d'Gebäcks.)

Louise: Mama, gelldu, de Jak gét och mat op d'Scிரée.

Wirsch: Gewöss, mei Kand, mé ech mengen, de Pappa an ech missten hei bliwen.

Louise: Oh! dat wär schued!

Amerikaner: You not mitgehen... We two allein!

Wirsch: (Wénkt jo. Den Amerikaner lacht mam ganze Gesicht.)

Louise: A fir wat dann net! Dat ass ower ze domm. Ech hat mech schon eso' drop gefrét. An du häss dech och so' giere mat dem Amerikaner do gewisen. Eleng nömme fir der Madam Bratzel en Express ze man. Ech gesi scho, wat se fir Ae mecht, wa mir mam Jong kommen.

Amerikaner: We two allein? Sure?

Wirsch: Louise, du muss verstoen. De Pappa krut et elo e'nescht nés an den Hals, e wor mer bal erstéckt.

Louise: O, dén arme Pappa!

Amerikaner: Madam, hier... take tobacco für Mister.

Wirsch: Wat e gutt Hierz huet dach dé Jong! Nén, nén, 't ass dankeswert. Er darf nicht fömmen.

Amerikaner: Not! Why?

Louise: (weist op den Hals.) Vater – Halsweh!

Amerikaner: (mecht eng Bewegung mam Kapp, we' wann et em léd deng.)

Wirsch: Deshalb müsst dir allein geien. Dir seit ja mans' genuch und keine Puppelcher mehr. (fänkt d'Lucht un.)

Amerikaner: No, no! We – gut amüsieren, Louise!

Wirsch: Do, lo gesi mer dach èppes!

3. Optrött.

Hari: (kent iwerdém's eran, den Hals an e Schal agewéckelt bis iwer d'O'eren.) Gudden Owend! Ech muss emod' bis eran zeruchte kommen. Dabinnen packe ich es nicht mehr.

Amerikaner: O Mister! (wöllt opston fir em Plaz ze machen.)

Hari: (flappeg) Bleif sötzen a loss, dech net ste'eren. (Geckst a lacht mam Louise.)

Wirsch: (hölt den Hari enuecht.) Jeses, Hari, du réfs nach der Do'd op! Marsch, marsch. nés mat der an! Ech hat der ausdrécklech gesot, du derfs dech net heibanne weisen. (Hari lauschtert net no.)

Hari: (zum Amerikaner.) Da bass d'es elo zefridden? – Gléf mer es, 't huet Krämp kascht, ir de' Al mech eso' weit krut. Well ech si gesond we' e Fösch am Wasser!

Wirsch: Häls de wuel de Mond!

Hari: E verstét jo dach neischt! An un engem muss ech meng Roserei auslossen!

Amerikaner: (am Sproche mam Louise.) Yes... yes!

Hari: Jong, hal mer op mat dém Fluchen. Well wann ech och lo an der Roserei ufänken, da wéss nach ké, wie vun ons zwe'n sech kusche muss.

Wirsch: Louise, ge' dong dech fierdeg un! 'T get so' lues Zeit.

Louise: Gleich, Mama! (zum Amerikaner.) Einen Augenblick! Ich geh mich in die Rei machen.

Wirsch: Wart, ech kommen der höllefen! Haut den Owend gelt et. (zum H.) Da bleif du so' lang beim Jong, Hari. (of.)

Amerikaner: (kuckt dem Louise nach no.)

4. Optrött.

Hari: Aija! Da wire mir zwe'n lo fir ons eleng. (En hölt en eidelt Glas um Dösch.) – Da schenk mer och mol so' e Glieschen eraus. Wie gutt schmiert, dé gutt fiert. Ass et net eso'?

Amerikaner: No, no! Gift für Hals!

Hari: Haha, mei Le'wen, da misst ech scho lang kapaures sin. Schött nömme ro'eg. Dat ass dat bescht fir d'Schleck. (Se schocken.) Gott säf de Kinek!

Amerikaner: (lacht a röselt de Kapp.)

Hari: Net emol, ech hun well eppes an der leschter Zeit beigele'ert! (E setzt op en neits un.) Dann drink och, soss bleift nach eng Ke'er eppes Rescht.

Amerikaner: Mister weh, viel weh da?

Hari: Fro nach! Wann ech un de' gutt Fläschen denken, de' ech haut den Owend muss an d'Schanz sche'ssen.... dat brecht mer d'Herz.

Amerikaner: Mister, warm – Bett legen!

Hari: Jéjé, gés de hém! Wat solls du dann dovu kennen! Da misst ech mol zergutztert krank sin. Wéss de, meng Al huet de' ganz Geschicht agefiedelt.

Amerikaner: What do you say? I nichts verstehen!

Hari: 't ass och besser so'. (stét op an tröppelt.) Mei le'we Jong! Wanns d'emol bis bestuet bass, da muss de no der Fra hirer Peifchen danzen, soss kriss de d'Zopp versalzt. (Amerikaner kuckt en un.) – Gléf mir es, ech si schon durch dé Pull geschwommen!

Amerikaner: (lacht.) What! What!

Hari: Hei ass Watt, wanns de déer gèr häss!

Amerikaner: No, no, nicht verstehen!

Hari: Nondiflättsch! Ech gin er mol net lass! – An dat hei loss der gesot sin: Wanns d'emol derno senger lieve mein Edem bass, du bezills mer alles beienên, wat ech haut den Owend verspillen. (En hölt d'Peif aus der Täscher a fänkt un s'auszeklappen.)

Amerikaner: Mister – smoke?

Hari: Wann ech nach Tubak hätt! – Nichts mehr darin! (En dréckt mam Daum op de Peifekapp, we' wann e sech eng stoppe ge'f.)

Amerikaner: (hölt zwe' Säckelcher aus der Täscher.) For kranke Mister, dass he wird gesund.

Hari: (schmunzt.) Nun hal mer awer op! Well ass et es genuch, soss kre'en ech all zwéten Dag den Hals we'. (E stoppt sech eng.) Ech soen der fir elo merci, mei Jong! Wir verstein uns schon. E schafft dém aner an d'Hand.

Amerikaner: Yes, yes...

Hari: Kuck, ich hab mir auch euren Här angeschafft. (E weist op de Wilson.)

Amerikaner: Have seen, lieb von Mister!

Hari: Der gefällt mir einzig. Eleng weil der so mit dem Tubak um sich geht. – Edem, hast du keinen Fixspohn bei dir?

Amerikaner: Yes, yes! Hier! (Hari fänkt d'Peif un.)

Hari: Nun lauschter mal....

5. Optrött.

Wirsch: Do, lei si mer! (kent mam Louise eran.)

Hari: Well ass en nés ewech. 'T ass och alt neischt mat dénen Amerikaner. Fir e Framensch le'fen se boarbes vun hei bis no Nidderjenki.

Amerikaner: O nice, delightfull! Madam, I heute Abend – wie Rockfeld so rich! (E flört mam Louise.)

Wirsch: Das macht mir Freude!

Hari: (kno'tert fir sech.) Jéjé, du Braddeler! Lei ass sech neischt ze ritschen. Loss dat si bis beim Brosius op de gewixten Dillen.

Wirsch: (hölt den Damp en uecht.) Mé Hari, wat gét dech un.

Hari: Richtig, richtig! Ech hat bal vergiess, dass ech muss den Hals we' hun!

Wirsch: Weis mir d'Peif hier! A vif!

Hari: Dovunner gét nu glat keng Ried!

Wirsch: Hier! soen ech der!

Hari: Wanns du net ro'eg bass, da verzielen ech dem Edem, was du mir fir eng bass, dass em all Gloscht fir so' eng Schwe'ermam vergét.

Wirsch: Erkeng dech! Da solls d'emol e Spillchen erliewen. (Den Hari racht hémlech hanner hirem Réck weider.)

Amerikaner: (Dre't sech eriwer.) Mister, hört, kriegt man bei dance Champagne?

Hari: Me' we's du an ech es drenke können. Lauschter! De' Ke'er we' d'Preisen de' schwe'er bei der Marne gewétscht kruten, du hat ech an de Fixspo'n vu Fréd eng ganz gelicht. Dat wor der e Genoss, Jong, gléf mer's!

Wirsch: (alèrt.) Aha! so' kent alles eraus! Duerfir brauchst du eso' vill Geld. Fir alles beim Brosius ze versuppen, du Soff!

Hari: Lauschter, Wirscheni! Ech hat mer well me'ntlang Siche bei Siche geschullert. An de Fixspo'n huet dat Méscht bezuelt.

Wirsch: 'T ass gutt, mein Alen, mach mer neischt vir. Vun haut u gin ech owes mat dir eraus, da gesin ech och, was du drénks.

Hari: (Fir sech.) Dat ass einfach. Da get nömme me' dés saure Gréche geholl, bis de' Al vum selwen ewech bleift.

Wirsch: (gét dem Louise nach hei an do eng Fal am Kléd richt ze'en.)

Hari: Hör, Edem, sie haben auch noch da so guten roten Ungarischen für acht Franken die Fläsch. Der ritscht wie Bamolig herunter.

Amerikaner: Yes, yes.

Louise: Mama, ech mengen 't ge'f Zeit, soss krite mer keng Plaz me'.

Hari: Keng Ro' me' am Leif. Fèrts de du kris dech net ausgedanzt?

Louise: Komm, Jak! (Den Amerikaner stét mam Wirsch do ze diedegen. D' Louise kösst d'Mam.) Awuer, Mama!

Wirsch: Awuer an amuse'ert iech gutt!

Louise: Awuer, Pappa! (get em eng Bés.) A mach, dass de dé be'sen Halswe' nés lass ges!

Hari: (genöschelt, mat engem schiele Bléck op d'Wirsch.) Ech wir elo scho gutt genuch fir matzegoen, awer deng Mamm, de' wöllt net.

Wirsch: (uerg.) Du wéss jo wat ech gesot hun!

Hari: (geto'ft.) A Gottes Namen dann!

Amerikaner: (schle't un.) Good bye! Good bye!

Hari: A, du me'chs gèr gutt derbei? (Klappt em op d'Schöller.) Gef uecht, Jong, dass d'Kirech am Duerf bleibt.

Amerikaner: ('t he'ert én e bausse lachen.) Yes! yes! (D'Wirsch ass bei d'Fenster gang.)

Hari: (riff.) Louise! Louise!

Louise: (baussen.) Wat gelifft, Pappa?

Hari: Louise, danz och en etlech Tir mam Fixspo'n, wann en do ass!

Louise: Gewöss, Pappa!

Wirsch: (kent erbei gedosch.) Nén, ech verbidden der et! Du follegs denger Mamm!

6. Optrött.

Hari: (Hallef fir sech.) Dén arme Jong dét mer léd; e gét an de leschte Wochen so' verschotert doerhier, 'i mengt én, e wär sein Här net me'. – Wie wéss, wann en net grad so' schei wär, hien hätt och vleicht ons Schamber garni gelo'nt.

Wirsch: Dén hätt se fir ké Geld a ké Preis krit. Onst Louise go'f net geweckelt fir eso' en Déckesusschreiwer.

Hari: (grangt.) O, o d'Madam krit Tupi! 'T wés én net, wo' de Fixspo'n engem nach kann d'Feier ufänken.

Wirsch: Mé onst Louise krit en nun émol net! Dann hun ech nach le'wer, 't get eng al Joffer.

Hari: Gedold, so' weit si mer nach net!

Wirsch: (Bei der Fenster.) A, 'lo kommen se matenên!

Hari: ... E puer gutt Fläsche verspillt ... dat ass schro. (E reisst d'Gewéckels erof.) Do, ech hun nu lang genuch Kome'di gespillt; 't ka bei der Deiwel goen.

Wirsch: O komm nure kucken!

Hari: Ech fléten der drop!

Wirsch: Hari, we' se zesumme gin! Enzeg! Dat get eng Köp pelche numero ént!

Hari: Wat leit mir drun! Lo get mol eng gedämpft. (kämpesch.) An 't soll mol én eppes soen, dén hätt dem Här un de Frack gegräff!

Wirsch: Nén, ech gin net midd en nozekucken. Ech kent hei stoe bleiwe bis mur de Muergen!

Hari: Da bleif alt nömnen; dann hun ech we'negstens so' lang Ro'. (En dämpft an enger Roserei.)

Wirsch: (kent an d'Zömmer.) Dass d'et wéss, Hari: Muer de mötteg össt den Amerikaner mat ons.

Hari: (däreg.) Oho! dat gét ewell gro'ssarteg hier. Fir eso' e Wand – dat weisen ons Renten net aus. Wann dat eso' virugét, da muss do Möttel grademat gin. All gudden Dag eng déer beschter Fläsche Wein ... lo nach en Dinner ... 't mengt é grad et wär net auszeschäffen!

Wirsch: Mei Gott, 't ass net der wert, dass én de Mond derfir opdét.

Hari: Dat geseit é beim Här Yes.

Wirsch: Ech hun dat Stéck gedrechente Judd agewécht, dat ech d'lescht vun der Hamsterturné matbruecht hun... dobei nach eng Gaschel Gardebo'ne vun der Märei ...

Hari: (fir sech.) Gedrechente Judd a Gardebo'nen! O Kan-ner, we' get et mer eso' wéch, eso' molleg!

Wirsch: Ech mengen, do breichte mer nach net ze verarmen! E gewe'nleche Birgeschkascht!

Hari: (me' gemelleg.) So, Wirschini, wat weit dé Judd? Mach dass en sech net brauch bei de Bo'nen ze schummen. (Fir sech.) Ech wöllt, de Merikaner wär e Mo'ssfrösser! (D'Schell gét.)

Wirsch: A wien der Deiwenker soll dat sin? So' spe't! (of.)

Hari: Gardebo'ne mat Judd! D'Saft léft mer schon am Monn zesummen. – We' spe't ass et? (Dobaussen he'ert én der hart schwätzen.) Tiens, dat gét nawell scharf hier!

Wirsch: (baussen.) Mei Mann ass krank.

Hari: Nondi, ech misst et dach wössen!

Wirsch: Nén, en ass glat net ze schwätzen. Da kommt eng aner Ke'er eröm! ('T he'ert én d'Dir zo'schloen.)

Hari: Bo'fdeg! Dé krut net gefle'wt.

Wirsch: (Spannewöll.) Ass dat erlabt! Dén onverschimte Mensch! Zo' deser Stonn ze kommen! An nach wöll e mam Här eleng schwätzen! Kuck, ech hätt em derle'fst d'Dir op der Nues zo'geschloen!

Hari: Oho! alt lues. Wie wor et?

Wirsch: (mecht en no). Onsem Louise sein ale Freier, dei le'we Fixspo'n!

Hari: De Fixspo'n! An en hätt gere mat mir eleng geschwat!

Wirsch: (mecht de Fixspo'n no.) Jo, jo, perse'nlech, an enger ganz wichtiger Affär.

Hari: An du hues e mir neischt dir neischt gelicht!

Wirsch: Ech mengen eso'. Dé betrött eso' bal ons Dir net me'!

Hari: Ech rufen en eröm!

Wirsch: Ennerste' dech!

Hari: (tockeg.) Jo, an nawell grad. (E mecht d'Fenster op a peift durch d'Fangeren.)

Wirsch: (ausser sech vu Roserei.) Hari!

Hari: (riffit op d'Gass.) Här Fixspo'n! Här Fixspo'n!!

Wirsch: Hari, mei Gott, du dés Krésch we' wanns de geschluecht gé'fs. D'Leit lafe jo zesummen. Se mengen; 't wär eppes geschitt.

Hari: Da loss s'alt mengen, wat leit mir drun! – (birelt.)
Héhé! Fixspo'n! (Si wöllt e vun der Fenster ewech rappen.)
Här Fixspo'n, kommt bis erop! – Endlech, en huet et gehe'ert!

Wirsch: Ech bleiwen net heibannen. Ech kann en net gesin.
D'Gal léft mer iwer.

Hari: (fir se ze iergeren, gemellech.) 'T ass jo ké Gesetz, dass du muss heibleiwen. Desto besser kann de Jong sech ausschwätzen. (Si dauscht mam Wein a mat de Glieser of.) De Wein häss de können hei stoe lossen.

7. Optrött.

Hari: (mecht d'Dir op.) Da kommt eran, Här Fixspo'n! (Fixspo'n kent eran. En ass gackeg we' eng Bo'nestach an eng Grimmel schei.)

Fixspo'n: Bonsoir... Här Trap! (E kuckt verfärten em sech a bleibt stoen.)

Hari: (get em d'Hand.) A we' gét et da, mei Jong? Sötz dech!

Fixspo'n: 'T ass net derwèrt, Här Trap!

Hari: Jéjé, lei ass e Stull. Mach we' wanns de dohém wärs. (Fixspo'n sötzt sech a mecht an engem fort dat iewescht Knäpplach vum Paltong op an zo'.) Gés d'och op d'Soirée? (keng Aentwert.) – Nondiflutsch, Jong! Du le'ss de Kapp hänke, grad we' wann d'Henger der d'Bro't geholl hätten!

Fixspo'n: (verschotert.) D'Henger net!...Mé en aner... pickt mer dat le'fst... an dat bescht vrun den Aen ewech.

Hari: Kertjöft, da mach dech bei. Du bass dach gro'ss a mans genuch!

Fixspo'n: (schleckt.) Jo, awer...

Hari: ... Wann de' Al net wär, gelldu! – Gléf mir es, Fixspo'n! Ech sötzen nach lang net op Ro'sen, an 't ass mir och muenchmol net ganz gemellech. Mé onst Louise, dat ass en Engel. A wann dat net hei wär, da wär ech well lang an d'Pe'tres gesprongen. (Gét op an of.) Jo, jo, dé Jong dén dat Médche krit, dé soll et op den Hänn droen!

Fixspo'n: (wöscht sech iwert d'Aen.)

Hari: Ech halen och! Du wärs nach kreischen! So' e gro'sse Jong! Schumm dech!

Fixspo'n: (schleckt.) O ... Här Trap ...

Hari: (gét bei en.) Wat hues d'um Herz? Erop dermat. 'T gétt der jo net fir de Kapp.

Fixspo'n: O ... ech fërten ...

Hari: Ech si jo bei der, fuer duer!

Fixspo'n: O, den ... Nén, ech kann net!

Hari: Muss ech der all Wurt aus dem Monn ze'en? Huel dech zesumme, Fixspo'n!

Fixspo'n: Abé... den Amerikaner... mat dem d'Joffer Louise ...

Hari: Wat ass mat dém? Huet en eng gesticht? Da schwätz!

Fixspo'n: O ... dir duerft mer neischt nodroen!

Hari: Fixspo'n, bei mir brauchts de ké Knuet dranzemachen. Du wéss jo, mir zwe'n hun ons nach ömmer gutt verstan.

8. Optrött.

Wirsch: (kent hémlech eran.) En ass nach hei. E sötzt do we' e gipse Je'sepchen! Wat se dach matenén hun. Eng hémlech Schold vum Alen?

Hari: Dajé, fuer duer, Fixspo'n!

Fixspo'n: (hölt sech zesummen.) Abé ... Här Trap ... den Amerikaner ... mat dém d'Joffer Louise gétt ... ass bestuet.

Wirsch: (erschreckt.) Bestuet?!

Fixspo'n: En huet zwé Kanner ...

Wirsch: Zwé Kanner?! (Den Hari kuckt de Fixspo'n un.)

Fixspo'n: An am gewe'nlechen ass e Garsson!

Hari: Dat ass starken Tubak! An eng Grimmel vill beienén.

Wirsch: (sprengt doerhinner.) Wat?

Fixspo'n: O Mameli! (E geheit de Stull öm a léft an den hönneschten Eck.)

Hari: Jöses, Wirsch, du bass och do! Du hues alles verlauschtert!

Wirsch: Mat wat fir Lige git dir féll, Fixspo'n? Do ass d'Dir!

Hari: Do hues d'et mat denger Schamber garni. Wat si mir de' Ke'er ékelech widdergelaf!

Wirsch: An du gléfs em nach, du gro'ssen Dabo! Fixspo'n, dir sit en hondsgemenge Ligener. Ech gléwen iech ké Wurt. Dir sit rosen, well dir onst Louise net krut, soss ass neischt derhannert!

Fixspo'n: Madam ... wann der wöllt ... ech bréngen iech Zeien ... zwe'n Amerikaner ...

Hari: Nén, nén! Dass de mer dobausse bleifs mat en. Ech hun es scho genuch mat desem!

Wirsch: (ausser sech.) Du gléfs em, du Pé'teréfalt!

Hari: Fir wat dann net! Hautdesdags ass alles me'glech.

Wirsch: Ha! Ech fille mech net me' vu Roserei! ...ENZOCK dongen ech mech un ... ech lafen em no ... gleich muss e mer Rieds stoen ... A wann et net wo'er ass, Fixspo'n...da kratzen ech iech d'Aen aus!

Hari: Jo, wann d'Kand am Pötz leit, da machen se den Dekkel drop!

Wirsch: (kreischt a keimt.) Ue...ech packen dat net... 't ass mer op d'Broscht geschloen... ech kre'en d'Midderchen... (Se le'sst sech flatschteg duer op e Stull fallen a kreischt) Du aremt Louise!

Fixspo'n: (wöllt er höllefen.) O... Madam...

Hari: (gemellech.) Git dir, Här Fixspo'n, git dir ro'eg op d'Soirée. Dat hei gét geschwönn eriwer. – An da kommt der muer de Mötteg bei ons iessen. 'T get gedrechente Judd mat Dulessen!

Fixspo'n: Dir sit ze genti, Här Trap! (E verneipt sech de'f an ongescheckt; of.)

Wirsch: (sprengt op a fenfelt mat den Aen.) Nén, nén! 't get neischt! Guer neischt! (Se dauscht zur Dir aus. Den Hari kuckt er no, ze't e puer Sträpp aus senger Peif a röselt de Kapp.)

Hari: (fir sech.) 'T jäss, 't jäss! Do wire mer ékelech gelackt. Dén Tubak do ass aus engem anere Säckelchen. – Wat man? (E setzt sech duer an denkt no.)

RIDO

3. Akt

Dät selwecht Zömmer we' virdrun. Muerges.

1. Optrött.

Wirsch: (stét an der Dir.) Da kommt mat bis era, Joffer Schneifchen!

Schneifchen: 'T ass net derwèrt. Madam Trâp. Ech wollt nure bis erop gelaf kommen fir ze he'eren, wat derhanert wär.

Wirsch: Ech bieten iech, Joffer, kommt ro'eg. Dir dérange'ert keng Grimmel. Hei am Zömmer könne mir ons zergutztert ausschwätzen. Am Gank sin nach honnert O'eren, de' eppes verlauschteren.

Schneifchen: (kent eran.) Denkt iech nuren, d'Madam Bratzel ass mer jo haut de Muerge fre' an der Niklogäss bege'nt. Se huet mech gleich iwergeruff a gefrot: «Wösst der schonn dat Neist, Joffer Schneifchen? Denkt iceh, der Madame Trâp hirt Louise rullt jo mat den Amerikaner. Ann...

Wirsch: Kuck, de' abscheilech Pescht! Dat wor er schonns zevill, dass d'Kand sech göschter Owend konnt mat dem Jak weisen. – Dir könnt mir es gléwen. Joffer Schneifchen....

Schneifchen: Jo, ann se huet weider gesot: «Ech verstin d'Madam Trâp émol net, we' se kann so' eppes zo'lossen...

Wirsch: Dat gét si glat neischt un! Si kann d'Nues an hirt Schnappech stiechen a kucken, dass hirt Maisy...

Schneifchen: Neischt am Eifer, Madam Trâp! Ech kennen iech jo! Mei Gott, jidderé wéss, we' êr Joffer so' stramm gehalen ass...

Wirsch: 'T ass den Neid, de blo'ssen Neid, Joffer Schneifchen, a soss neischt!

Schneifchen: Fir nês op ons Ried ze kommen... 'T soll mol ké vun iech derbeigewiescht sin. Ganz eleng sollen se doerhinner kom an och nês fortgange sin...

Wirsch: Dir musst verstoe, Joffer Schneifchen, ... 't wor op émol eppes u mei Mann kom ... ech hun en net dirft eleng ze lossen ... An d' Louise hat sech well eng ganz Woch drop gefrét we' e Kand op en Zockerféngerchen.

Schneifchen: Ech versti gutt ... Mé èrt Louise soll de ganzen Owend mat soss kengem gedantz hun ...

Wirsch: (we' erlichtert.) Wann dat alles ass!

Schneifchen: An den Amerikaner soll nure Champagner zum beschte gin hun!

Wirsch: (brètzeg.) Wann én et mache kann! Ech ge'f och le'wer dées all Dag drénken we' Wässer ...

Schneifchen: Hmm ... mé èrt Louise soll eleng zeng Flüte geholl hun.

Wirsch: (Schlé't d'Hänn iwerem Kapp zesummen.) O, nén! So'guer ofgezielt wat et gedronk huet! – Joffer Schneifchen, gléft mir es! D'Madam Bratzel huet onsem Louise dat net vergonnt. Wann et hirt Maisy gewiescht wär, dann hätt s'alles an der Rei fond.

Schneifchen: Ech verstin ... ech verstin! ... Mé dass de' zwé sech de ganze Wé fir op hém zerkösst hun, dass et geklakt huet we' en Dröpsschlag ... dat ass dach en Hoer stark! 'T muss én ömmer wösse we' weit é gét.

Wirsch: A wien huet iech de' nés opgebonnen?

Schneifchen: Frot nach! D'Madam Bratzel. Si go'ng hannen un en ...

Wirsch: Dat musst der sénger Liewen net gléwen, Joffer Schneifchen; onst Louise wéss scho wat sech scheckt.

Schneifchen: Mei Gott, Madam Trap, so' jonk Médercher! ... A wann se nach derbei verle'ft si we' en Arbel jonk Kâzten!

Wirsch: Joffer Schneifchen, dir könnt secher sin, 't ass so' e feine Jong, an der ganzer Stâdt ge'ng der kén zwéten so' optrommen.

Schneifchen: Hmn ... hmn ... ech hun awer eng aner Klack hé'ere lauden, an de' pénkt net grad we' eng Komejo'ns-kläckelchen!

Wirsch: (fir sech.) Jöses, de' misst et och scho wössen! –
Do wir ech dach ganz virwötzeg, fir ze he'ere, wat dat
könnt sin!

Schneifchen: O, meng le'f Madam Trap, ech kann et bal net
soen!

Wirsch: Mé Joffer Schneifchen, ech bieten iech, èrer besch-
ter amie werd der dach neischt verhémlechen!

Schneifchen: (fénkelt.) Huet der dann nach neischt enuecht
geholl... bei èrem Amerikaner...?

Wirsch: Dé jonge Mann ass voller Gentillesse, dir könnt
iech keng Idi machen...

Schneifchen: Hmn... mé huet en da ké Brautrank un...

Wirsch: (bléch.) So' gené hun ech mer en nach net bekuckt.

Schneifchen: Maija, kuckt, Madam Trap, se schwätzen –
we' wann e bestuet wär!

Wirsch: (kent an d'Feier.) Dat huet de Fixspo'n iech gesot, a
kén aneren! – Dén Ekel, dé Fatzbeidel, dé Göftschösser...

Schneifchen: Né, Madam Trap, do dong der dem Jong On-
gleich; d'ganz Städt schwätzt ewell dervun, an 't ass
mech Wonner gin, dass dir nach neischt enuecht gehol...

Wirsch: Joffer Schneifchen, 't ass net me'glech! (D'Schneif-
che lacht knaschteg.) O, mein aremt Louise!

Schneifchen: Awuer Madam Trap. Entschöllegt, ech muss
nach hurteg bei d'Madam Bratzel lafen, de' wéss vleicht
nés eppes weider... (of.)

2. Optrött.

Wirsch: (Le'sst sech op e Stull falen.) Dann ass et dach
wo'er. Wat ass ze machen? Nén, de' Blamage! – (wöll.)
Enzock, énzock muss hie mer aus dem Haus eraus. Dén
Affront! Kanner Gottes, we' konnt ech so' blann sin!
(Si erbléckt d'Fiendel.) An de' Fiendel hei... ewech mat
en... ech kann neischt Amerikanisches me' gesin a
richen (se geheit de Porträ an d'Fiendel bei den Uewen.)
An d' Louise wéss nach secher neischt! We' soll ech
dem arme Kand dat beibringen?

3. Optrött.

Louise: (kent eran; 't ble't we' eng Gardero's.) Bonjour Mama! – 't ass mer haut de Muergen nummer ént! trotz déer Rull vu göschter Owend keng Grimmel midd. O Mama, ech si glecklech! Komm, ech gin der eng Bés! (get er eng.) (verdrémt.) Wat d'Le'ft dach eppes Sche'nes ass!!

Wirsch: (fir sech.) Du aremt Kand! (zum Louise.) Dann hues de gutt geschlof?

Louise: Jo, Mama! An an engem fort gedrémt.

Wirsch: Sche'n?

Louise: O Mama, ömmer nure vun him... Ech kann der et net verzielen, 't wor ze vill sche'n!

Wirsch: (fir sech.) D'gutt Kand wéss nach vun neischt eppes! – Huet d'Madam Bratzel an hirt Maisy dech och gesin?

Louise: Ech mengen eso'! Se so'tzen en Dösch vun ons erof. An dén ale Bratzelstack huet ömmer eriwergefénkelt, grad we' wann s'é wöllt durch an durch kucken!

Wirsch: An hirt Maisy, huet dat och gedantz?

Louise: Haha! Dat huet d'Mauerblimche gespillt. Blo's de Fixspo'n gong et eng Ke'er froen. Mé ons häss de misse gesin. Mir sin nömme me' durch de Sall geflun. An hei an do hun ech der pösperen he'ren: «Kuck, kuck, Tra-pen hirt!»

4. Optrött.

Hari: (kent eran.) Gudde Mojn! Lei sin ech och! – A, Mo-di, du bass scho wackereg?

Louise: Bonjour Pappa! ('t get em eng Bés.) O Pappa, wat wor dat göschter Owend eng Fréd!

Hari: (kurz gebonnen.) Huet en dichteg zum Beschte gin! – Verziel, dat intresse'ert mech me'.

Louise: Fir t'e'scht eng Butell Veuve Cliquot...

Hari: Onerhe'ert! Gemeng!

Wirsch: Mé Hari!

Hari: Ge' mer ewech! Ech sin net zum allerbeschten opgeluegt, d'ass d'et wéss! (zum Louise.) Da weider! wat go'f et nach?

Louise: Du eng Fläsch Champagner...

Hari: Dé Kierel hat en Duscht am Leif!

Louise: An du zo' gudder lescht nach eng exzellent Nuetsdröppchen.

Hari: An du hues ömmer matgedronk! Dat wor eppes Propres, dat do!

Louise: O, 't wor mer ower och fir d'lescht so' dronkeg am Kapp. Mé de Jak huet mech so' braf an der Richt gehalten...

Hari: Genuch! Ech si rosen! – Dén Hond!

Louise: Mé Pappa, wat ass dir?

Wirsch: Hari, loss mech gewerden. (Hien he'ert net.)

Hari: (an der Roserei.) Do huet der et mat èrem Jakli! 'T ass alles Blöff! En ass ewell bestuet... en huet scho Kanner... et ass e richtewecche Garsson... d'ganz Städt wéss et schon!

Louise: Mé Pappa, du wölls de Geck mat mer machen!

Wirsch: Jo, Hari, ech mengen dat wor blo's eng Opwiglerei...

Louise: Haha! A wien huet iech eso' gebricht?

Hari: (fir sech.) Nén, dé gudden Tubak!

Wirsch: Nén, eso' e charmante Jong! dé soll...

Louise: (mat Tre'nen.) O Mama!... dat wore meng gutt Amien! – Neischt, guer neischt vergonnen s'engem!

Hari: (tre'scht et.) Kreisch net, Modi! De Fixspo'n ass jo nach do! ('t klappt.) Entrez!

5. Optrött.

Amerikaner: (kent eran, en ageweckelte Buké an der Hand.)

Wirsch: (rosen.) Ah!

Amerikaner: Good morning! (gré'sst frentlech. De' Al an hien äntweren net. E gét op d'Louise duer a wöllt em de Buké gin. Hat mecht grad we' wann et en net enuecht he'l.)

Hari: Jéjé, mach keng Grimasse me'. Bei mir ass et aus.

Wirsch: Komm, Hari! Bedenk, en huet e Rewolwer bei sech!

Hari: A wat soll dann och nach sin! Loss mech, ech soll em d'Lewite liesen!

Wirsch. (ze't e mat Gewalt ewech.) Komm, soen ech der! (of.)

6. Optrött.

Amerikaner: (no enger Paus.) Dear Louise! – You weinen? Speak, hat man you wehgetan? (E wöllt et widder sech drecken, hat entze't sech.) Nimm hier flowers!...

Louise: (hölt se a geheit se doerhinner.) Ge', ge' mer ewech! Du hist ein....

Amerikaner: Louise, I dich nicht wiederkennen!

Louise: Ich hätte das nie von dir gedacht!

Amerikaner: (ze't et mat sech op de Kanapé.) Komm, sit down. – Now tell me... wer Louise weh getan.

Louise: Jak.... sei offen!

Amerikaner: Certainly, well!

Louise: (zo, schluxt.) Abé... lauschter! (Hien lét d'Aerm em dem Louise seng Taill.) Bei euch... in Amerika... darf da... ein verheirateter Mann... noch mit... den Mädchen flörten... als wenn....

Amerikaner: (hölt et bei den Hänn.) Louise! – (da sprengt en op.) Oh Jee! they know the truth! I muss fort, gleich! – Louise, nicht bös! Later you antworten. (E gét op sein Zömmer zo'.) Ah, a bad event! That's pretty hard!

7. Optrött.

Louise: (verzweifelt.) Dann ass et dach um Enn wo'er! E wosst gleich, wo' en dru wär, en huet net nén gesot. – O, ech onglécklecht Kand! (Et schluxt we' eng Muedele'n.)

8. Optrött.

Wirsch: (kent mat der Brötsch eran.) Wat huet en nu gesot? Ass eppes derhannert? – E Gleck, dass e fort ass! Kuck, ech hat d'Brötsch parat fir en no den No'ten z'ergèrden! Dé fuelsche Kêrel!

Louise: (verzweiwelt.) O Mama, wat man ech? Oennert de Leide kann ech mech net me' weisen. Ech sprangen d'nei Bréck erof!

Hari: (kent eran.) Wat ass dat fir e Gewe'mers an e Geje'mers! Komm, Louise, lo dés de dech énzock un an da gés de mat mir durch d'Stâdt, express fir ze weisen, dass der neischt un dem Jäss leit!

Louise: Pappa, ech kann net!

Wirsch: (ass bei d'Schlössellach lusse gang.) Lauschtert. E fe'ert der e Spektakel dobannen, 't mengt én, 't wären hirer eng Dosen!

Hari: Verrau dech net, Modi, de gudde Fixspo'n ass jo nach do!

Wirsch: Jeses, Hari! E pakt an! E wöllt sech durch d'Peif machen o'ni ze bezuelen! Gleich lafen ech bei d'Poliss. Dat ass dées gudden awer zevill! (An engem Eifer of.)

9. Optrött.

Hari: (gét och bei d'Dir lauschteren.) Menger wärrech, 't mengt én, e ge'f dobannen ofreissen!

Louise: (gét op d'Dir zo'; am Kreischen.) Jak, Jak, wat mechs de?

Hari: Loss e lafen! Fle'w em net me'! En huet seng gesticht!

Louise: O Pappa! Ech hat en awer so' gier – so' gier, we' ech ké me' kann hun.

Hari: Dommt Geschwätz! Dat mungs d'eso'! Loss emol e puer Wochen eriwer sin... dann ass dat vergiess.

Louise: Ni, Pappa, ni! En huet mir d'Hêrz gebrach!

Hari: (gêt bei d'Dir a klappt mat der Fauscht derwidder.) Hé, he'ers de, Jong! Mach mal op!

Louise: Jak, Jak! (kent och doerhinner.)

Hari: Ge' ewech mat dengem Gepintsch! (Duss.) Jakeli, lauschter! Sei verstännig und mach die Dir op! Ech ziele bis drei. – Ent – zwé – ...

Louise: (we' erstéckt.) Ja... k!!

Hari: Drei!!! – (rosen.) A, du mechs net op! Da wart, Männchen, da weisen ech dir, we' mir dat hei machen! (E léft op en Tirang zo'.)

Louise: Pappa, mei Gott, wat hues de wölles? – Jak, mach dach op!

Hari: (huet am Tirang gewullt.) Lei ass d'Affär! (En huet e Schloper an en Hummer.) Loss mech geworden. Lo gé et vum selwen. (bei der Dir.) Mister, ech son der lo fin

ŕlescht: Mach op! – Nondikass! du dreiws mech an d'Feier. (Dét de Paltong aus a ströppt d'Aerem erop.)
Da wart!

Louise: (wöllt en zeréckhalen.)

Hari: Avanti! Gott säf de Kinek!! (setzt de Schloper un a mecht derbei. Bei jidder Schlag keicht en.) Ha! – Ha!
– Do! – Hopla! – Hau ihn, den Lukas! – Hau ihn, dass die Lappen fliegen!

Louise: Pappa, wat gét dech un?

Hari: (wöscht sech de Schwéss of.) Aija! – Ech mengen 't ge'ng bal duer. Losse mer probe'ren! (E stemmt sech mat aller Gewalt ge'nt d'Dir. E Po'fert... an en tröllt bannewenches mat er an, so' lang we' en ass.)

Louise: Oh! Oh!

Hari: (huet sech opgericht.) Nondiflätch! Dat huet Krämp kascht. An dat Gelungenst ass: Ké Jakeli wéder bei nach no. En ass der hopp a fort mam ganze Butek.

Louise: (ängschtlech.) Pappa, mei Gott! E werd sech dach ké Léd ugedon hun an ofgespronge sin!

Hari: (lacht.) Nén, dén ass ro'eg zo' déer aner Dir ausgangen.

Louise: O, wat dat eng Geschicht ass...

Hari: Hei, Modi, eppes fir dech. 'T lo'g um Dösch. (E brengt e Bre'f.)

Louise: E Bre'f! Vun him! (Et kösst en a reisst en op.)

My dear Miss Louise!

En huet mech nach gier! Oh!! –

Muss gleich fort. Hier Geld für Zimmer, und Bild von mein family. In friendship, Jack.

Hari: (ass an d'Dir stoe kom.) Tātātā! Dat héscht op letze-burgesch: Du kanns mech gier hun!

Louise: (kuckt de Porträ.) O, wat zwé le'w Kanner! Ech wöllt, dat wire meng! ('T hält d'Schnappech viren d'Gesicht an 't kreischt.)

Hari: Dat ge'f och nach grad félen! Mir hu scho Musek genuch am Haus. – (E kent mat senger Fotell eran.) Elei ass meng Fotell. Lo hun ech de' mol röm. Hien ass mer lang genuch drop gerötscht!

Louise: Ech mengen nach ömmer, ech ge'f drémen... 't könnt net sin...

Hari: (bannenan.) Juckhu! – (E kent mat enger Schno'er eran, un der zeng Säckelcher Tubak gereit sin, a schwenkt s'iwerm Kapp.) Hipp hipp hurra! Hipp hipp hurra!! – Ech kommen derbescht bei der ganzer Geschicht ewech.

10. Optrött.

Wirsch: (kent mat der Poliss eran; opgerégt.) Get uecht, Här Poliss, huelt gleich de Rewolwer an d'Hand, well 't ass e gefe'erleche Kierel!

Poliss: Onseré fircht net, Madam! Ech halen och! (En zadert op de Bén.)

Hari: (stét op der Seit a verstoppt den Tubak an d'Boxentäschen, fir dass de' Al en net soll gesin.)

Poliss: (schle't un, zum Louise hin.) Bonjour, dir Härschaften! – (zum Wirsch.) Da fe'ert mech emol doerhinner! (Wirsch gét vir, hie fusst sech no.)

Wirsch: (schle't d'Hänn um Kapp zesummen.) Mei Gott, a wat ass hei virgang?

Poliss: (ze't de Calepin aus der Täschen, get sech e Schlag.) 'T ass graw, se'er graw. – Abroch mat Gewalt! Nom Artikel 110 vum Code civil stin op d'manst 10 Joer Dukkes drop!

Louise: (fällt der Mamm em den Hals.) O Mama! (Wirsch sieht et ze tre'schten.)

Hari: (kent vun hannenerbei.) Wat! soll de Kotzewill och nach seng Nues an des Affär strecken? 'T ass a mengem Haus, an do huet soss kén eppes ze soen we' ech!

Wirsch: An ech!!

Poliss: A, dir wöllt frech gin! (dre't sech zum Hari.) Jöses, den Här Trap! Lo erkennen ech iech!

Hari: Lauschtert emol! Dir racht vleicht?

Poliss: Dat gléwe mer. Wann dé lo'deren Tubak net so' deier wär!

Hari: Heit, de' zwé Säckelcher schenken ech iech. (hémlech) An de Rescht fönnt sech.

Poliss: Gutt, gutt! Da soe mer, d'Sach wär an der Rei. – Eddi, dir Härschaften, ann entschöllegt dé klengen Dé-rangement. (Den Hari gét mat em bis bei d'Dir.)

11. Optrött.

Wirsch: Kreisch net, dommt Kand! Du mechs der jo d'Ac ganz ro't.

Louise: O Mama, 't ass ze vill! Hun ech duefir missten so' lang bichten, fir dach um Enn als al Joffer sötzen ze bleiwen.

Hari: (An enger hémlecher Fréd, kent mam Schöld.) We' ass et da, Madam, hänke mer d'Schöld nés aus?

Wirsch: Erkeng dech!

Hari: (energesch.) Abé, lo kanns de wielen, an 't ass mer decken Escht: Entweder de Fixspo'n fir Edem, oder d'Schöld kent nés baussent d'Fenster.

Louise: O Mama!

Hari: Ro'eg Modi! E gudde Fixspo'n ass nach ömmer besser we' e fuelschen Dollar. (Zum Wirsch.) Dajé, get et bal?

Wirsch: (no enger Paus, mat engem Seifzer.) Dann nach le'wer de Fixspo'n fir Edem!

Hari: (stralt.) 'T jäss, 't jäss! – So' stömmt et. E letzeburger Jong an e letzeburger Médchen, dat ass dé richtegen Deckel op dat richtegt Döppen. – Nu jé, Wirschi, kuck net so' monkeg dran. D'Geschicht krut jo e gutt Enn. Lo hun ech amerikanaschen Tubak a Mass an de Fixspo'n derbei.

Wirsch: A Gottes Namen. 'T ass dat Bescht fir elo.

Hari: An als Brautgeschenk gin ech de Kanner an enger sölwer Rum dat Schöld hei mat: Chambre garni à louer.

Wirsch: De' e'scht an de' lescht, de' Trapen ze verlo'nen haten.

RIDO.